Lëtzebuerger **Guiden** a **Scouten**
St Laurent / Tony Noesen **Dikrich**
36, am Floss L-9232 Dikrich | diekirch.lgs.lu | albatrossen@diekirch.lgs.lu

Léiw Albatrossen,

Dat neit Guiden- a Scoutsjar huet ugefaangen a mir gi rëm Vollgas. Fir bëssen ee Plang ze hunn wat am ischten Trimester alles leeft, ass hei scho mol eng kleng Iwwersiicht mat puer wichtegen Datumer an Infos bis Sylvester. Ech erënneren un de Kalenner op der Homepage http://diekirch.lgs.lu wou s du ëmmer di aktuellsten Datumer an Aktivitéite fënns.

Wi an deenen anere Branche gëtt et och bei eis eng Kotisatioun. Wann s du Chef an enger Branche bass, fällt deng Kotisatioun wech. Fir di aner si 15€ ze bezuelen. 12€ wa si Geschwëster an den LGS hunn, deen eelsten bezillt dee Moment 15€ an di aner 12€. Dat war et scho mat deem finanziellen Deel.

Wini ?	Wat ?
Sa. 1. Oktober	**t'ass Kiermes am Floss** Eis Kiermes dauert dee ganzen Dag a gëtt an der Roverbud op der "Karaoke Party" ausklénge gelooss. Fläisseg Hänn ginn iwwerall gebraucht an et ass nach vill ze maachen !
Sa. 8. Oktober	**Di ischt Versammlung vum Jar** Eis ischt Versammlung am Jar ass an der Roverbud wou mer de Schluechtplang fir de Räscht vum Jar. Ufank ass um 19.00 an herno gëtt et Pizza.
Fr 14. Oktober	**"MerciSoEessen" a Generalversammlung** Fir alleguer deene fläissigen Hänn Merci ze soen, déi dem Grupp am Jar gehollef hunn invitiiert de Grupp zum alljährlichem "MerciSoEessen". Ab 18h30 geet et am Floss lass mat der Generalversammlung. D'Eessen ass fir 20h00 geplangt. Umeldungen ënner laurent@pott.lu.
Sa. 22. Oktober – So. 23. Oktober	**Montéesweekend** De Montéesweekend fänkt dëst Jar Samsdes un a geet bis Sonndes. Mir sinn dëst Jar zu Wäicherdang am Chalet vum SNJ. Detailer kommen nach no.
Mé. 31. Oktober	**Halloweeneessen** Mir feieren Halloween um 19h00 mat enger kräftiger Raclette. Mell dich dofir bis den 29. Oktober un, an denk drun d'Keess mat 20€ ze ënnerstëtzen.
Sa. 5. November	**Wëldowend** Nom Montéesweekend geet et weider. De Wëldowend ass am Keltenhaus um Neihaisgen a fir 50€ kritt een allerhand Wëld. Denkt drun nach Sue mat ze huelen, d'Gedrinks ass leider net am Präis mat dran ! Départ ass mam Nightrider am Floss. Weider Detailer kommen no !

	Mell dich lo schonn un, soubals de dëse Bréif geleess hues. Et gëtt just nach 1 Owend (net éwéi di Jare viirdrun 2), dofir sinn d'Plaze begrenzt ! Soubal d'Invitatioun raus ass, wëll ech d'Umeldung maache fir ze garantéieren datt mir Plaz kréien !
Më. 16. November	**Icekarting** Mir kruuten een Datum! Yeah ☺ Um 21:00 kënne mir mat 6 Karten eng Stonn laang zu Beefort iwwert d'Äispist cruisen. Duerno eesse mir an der Géigend oder op der Pist selwer. Umeldunge beim Pol !
Sa. 3. Dezember	**De Kleesche kënnt** Den hellige Mann kënnt bei eis Biber a Wëllef. Soubal dee mat senge Renndéiere weidergeflunn ass, fléie mir Keele spillen ☺
Sa. 10. Dezember	**Ranschelter Krëstmaart mat Benny and the Bugs** Ranschelt ass ee klengt Nascht mat engem Café ouni Awunner an der Wahler Gemeng wou all Jar ee flotte Krëstmaart organisiiert gëtt. Benny and the Bugs sinn och rem do an ënnerhalen di glühwäinhalteg Gäscht ☺
Fr. 23. Dezember	**Dëppegéisser am Keltenhaus** Dëst Jar maachen d'Dëppegéisser hiere Krëstconcert am Keltenhaus !

Alleguer d'Beträg sinn op de Konnt **LU85 0019 4255 1295 5000** vun den Albatrossen bei der **Spuerkeess** ze **iwwerweisen** oder den Owend selwer **boer**. Umelle deess de dich ëmmer beim Pol.

Informatioune komme per **E-Mail** an/oder **SMS** a sinn och op eiser **Facebooksäit** ze fannen. Pass w.e.g. op datt deng Handysnummer resp. E-Mailsadress richtig um Informatiounsblat drop steet. An der ischter Versammlung fëlle mer di aus. Jo och mir ;)

Kontakt ?	Wéi ?
Facebook	Dikrich: https://www.facebook.com/groups/albatrossendgs/ National: https://www.facebook.com/groups/albatrossenlgs/
D'Memberen alleguer	albatrossenmember@diekirch.lgs.lu
De Pol	pol@albatrossen.lu / +352 691 878 650

Ech freeë mech !

Bis dohin,

Lénks Patt,

de Pol